



NEWSLETTER JANUAR 2022



Léif Frënn vun der Minett UNESCO Biosphere,

A manner ewéi engem Mount geet en eenzegaartegt Evenement an eiser Regioun lass. Vum 26. Februar un heescht et **Esch2022 - Europäesch Kulturhauptstad**. Zesumme mat der Stad Esch wäerten an der ganzer Südregioun, also an den 11 Mëmbergemenge vum Syndikat PRO-SUD, déi jo och zesummen d'Minett UNESCO Biosphere sinn, aussergewéinlech kulturell Rendezvous proposéiert ginn.

REMIX ass de Motto vum Kulturjoer, wat e Grondstee fir déi gemeinsam Entwécklung vun der ganzer Regioun soll leeën. D'**Ouverture vun Esch2022** ass ee Sujet an dëser Newsletter.

Och eise **Podcast, Minett Mash-Up**, steet dëse Mount am Zeeche vun **Esch2022**. Mam Lynn Jung ass eng Perséinlechkeet op Besuch, déi hir Popularitéit als Parkour-Sportlerin duerfir asetzt, Esch2022 iwwert d'Grenze vun eiser Regioun eraus populär ze maachen.

Mä och d'**Minett UNESCO Biosphere** wäert an **dësem Joer** aktiv hir Offer un d'Biergerinnen a Bierger aus der Regioun entwéckelen. An dëser Newsletter stelle mir iech **eise Projet „MINELL“** vir. Ennerstëtzt vum Fonds National de la Recherche entwéckele mir an den nächste Jore **e Programm fir Ëmwelt-educatioun**. Detailler iwwert de Projet an éischt wëssenschaftlech Aktivitéiten, virun allem am Beräich vun der Biodiversitéit am urbane Raum, stelle mer iech elo scho vir.

Mir wënschen iech **vill Spaass beim Liese** vun eiser Newsletter an hoffen iech bei der Ouverture vun Esch2022 oder bei engem vun eisen interaktive MINELL-Wëssenschaftsworkshopen ze gesinn.

Är Equipe vun der Minett UNESCO Biosphere

Minett Natur an Ëmwelt Léier Lab



MINELL ass e Projet vun der Minett UNESCO Biosphere bei deem an den Jore eng grouss **Offer un interaktive Wëssenschaftsworkshopen** fir Biergerinnen a Bierger vun all Alter soll entstoen a beim deem och Leit aus dem Enseignement d'Méiglechkeet wäerte kréien, fir **Connaissancen iwwert d'Spezifizitéite vun eisem Biosphärenreservat** ze kréien. Si kënnen dës duerno un hir Schülerinnen a Schüler viruginn, fir esou d'Bewosstsinn fir de Wäert vun eiser Regioun ze stäerken.

Entdeckt de **Projet an all seng Partner** op eisem Website:

[DE PROJET MINELL AM DETAIL](#)

Déi éischt MINELL-Aktivitéiten



Enn Mäerz starten **de éischt Manifestatiounen**, déi d'Minett UNESCO Biosphere am Kader vum MINELL-Programm „Minett Natur an Ëmwelt Léier Lab“ ubidde wäert. Et geet, ënnert anerem, ëm d'**Biodiversitéit am urbane Raum**, ëm d'Bëschléierchen, ee vun dem emblemateschsten Déieren aus eisem Biosphärenreservat an ëm déi grouss Biodiversitéit, déi nom Zoumaache vun den Dagebaugebitter an eiser Regioun do entstoe konnt.

Detailler iwwert déi **interaktiv Wëssenschaftsatelieren** an d'Méiglechkeet **iech elo schonn unzemellen**, fannt dir hei:

[DÉI ÉISCHT WORKSHOPEN](#)

REMIX Opening ... 3,2,1 GO



26.02.22

[ESCH2022.LU](#)

FREE TICKETS

BE A PART OF THE OPENING OF THE EUROPEAN CAPITAL OF CULTURE!

A manner ewéi engem Mount start **Esch2022 – europäesch Kulturhauptstad** an der ganzer Regioun vun der Minett UNESCO Biosphere, also um Territoire vun den **11 Gemenge vum Syndikat PRO-SUD** an an den **8 franséischen Nopeschgemenge vun der CCPHVA** (Communauté de Communes Pays Haut Val d'Alzette).

Dir fannt hei **éischt Detailler iwwert d'Ouverture** vun Esch2022 a kënn elo schonn **är gratis Tickete** fir d'Ouverture bestellen:

[OUVERTURE VUN ESCH2022](#)

Minett Mash-Up: Lynn Jung



Zënter Oktober produzéiert d'Minett UNESCO Biosphere, zesumme mat der „Industriekultur-CNCI“ an dem MUAR (Musée vun der Aarbecht) **de Podcast Minett Mash-Up**. Am aktuellen Episod ass d'**Lynn Jung op Besuch**.

D'**Ambassadrice vun Esch2022** schwätzt mat eisem Podcast-Team iwwert hir **Leidenschaft fir de Parkour**, iwwert hirt **Engagement fir Esch2022** an natierlech och iwwert d'**Schönheet vun eiser Regioun** an déi Saachen, déi se esou besonnesch maachen.

[MINETT MASH-UP LAUSCHTEREN](#)



6, Ellergonn
L-4114 Esch-sur-Alzette
LUXEMBOURG

+352 261797-1
prosud@prosud.lu
minett-biosphere.com

